**Weltmeeschterschaft fir Natiounen zu Aragon a Spuenien**

*Bericht vum Sekretär Fernand Schmitt vum 05.09.2023 (3. Dag)*

Hallo Lëtzebuerg.




Mol als alleréischt, Loft war vill manner an mir konnten haut mol normal fëschen ouni ze fäerten dass Stecker vun eisen Staangen eis ronderëm d' Oueren fléien.

Souzen haut an der Box A2 zu Mequinenza. Super Streck, Schnouer riet. Déift iwwerall 1,80 Meter. Den eenzegen Probleem war allerdéngs, dat vill Kraut dat geschwommen koum. Mee wei d' Loft en bëssen opkomm ass war et Ok.

Mir hunn den Blénkert déi 1 Stonn gefëscht an haten Stéck Zuelen vun bis zu 100 an enger Stonn. Leider kann een domat awer net vill erreechen. Mir hunn vun Gewiichter héieren bis 7 kg Blénkerten déi 1te Stonn. Mat eisen bis zu honnert kenns do héchstens ob 3,5 kg.

Egal amuséiert hunn mer eis awer. Fëschereien duerno gemaach vun 6-12 Meter. Gewiichter haten mer haut gefaangen vun 8-13 Kg. Haaptsächlech wei am Virfeld schonns gesot mat bis zu 90% Plaquetten vun 30-300 Gramm.

Jo, wat een hei esou un Fësch huet an gesäit, dovun kennen mer nëmmen leider doheem dreemen. Awer och déi riseg Fläch un Waasser. Esou eppes hunn ech an menger laanger Carrière nach net gesinn.

Leider mussen mer awer och ëmmer bei eis dat Bescht aus der Situatioun maachen.

Ambiance ass exemplaresch. Och dat gehéiert dozou.

Muer dann geet et an Box A8.

Haut war och déi offiziell Ouverture zu Zarragoza. Déi hunn se dëst Joer virgezunn fir dass Fëscher sech déi lescht Deeg besser kennen preparéieren.


Muer dann mellen ech mech wei all Dag mat engem klengen Bericht.










COLMIC